

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister, den Här Energieminister, d'Madamm Ëmweltminister, d'Madamm Gesondheitsminister an den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Ziemlich verrückt*", deen den 8. Abrëll am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, ginn eng Rei potenziell Mësstänn am Ëmweltministère diskutéiert, déi, falls se sou géifen zoutreffen als systemateschen Abus de Pouvoir zum Schued vun eisen nationalen Interessen ze bewäerte wieren. Den Artikel befaasst sech, zesummegefaasst, mat der Veraarbechtung vum Bulli vu Kläranlagen hei zu Lëtzebuerg, vun deem 2020 trotz gesondheetleche Warnungen nach 21 Prozent direkt op de Felder ausbruecht gi sinn. Am Artikel gëtt allerdéngs eng Firma genannt, déi sech drop spezialiséiert huet, dës Bulli zesumme mat Grünschnitt zu "*Klärschlammkompost*" ze verschaffen. Déi besote Firma fuerscht doriwwer raus och un der thermescher Verwäertung vum Bulli aus de Kläranlagen an hire Projet gouf an der Vergaangenheet vum Ekonomieministère als "*für Luxemburg strategisch wichtiges Forschungsprojekt*" bezechent.

2019 huet déi besote Firma an engem Rechtssträit mam Ëmweltministère eng Plainte virum Verwaltungsgeriicht deposéiert a gëtt säitdeem, ëmmer nach dem genanntem Artikel am Lëtzebuerger Wort no, systematesch vun enger Rei Administratioune gedirängelt. D'Firma ass an hirem deegleche Betrib méttlerweil souwäit gestéiert, datt si matten an der aktueller landwirtschaftlecher Kris ronn 300 Tonnen Phosphat-Dünger net kann op de Maart bréngen. Am Fall vun enger Faillite géif d'Firma fir e symboleschen Euro dem öffentleche Syndikat "SIDEN" an d'Hänn falen, wat sech, laut dem zitéierten Artikel mat der Strategie vun der Regierung deckt, fir d'Veraarbechtung vum Bulli vu Kläranlagen zukünfteg komplett an déi öffentlech Hand ze iwwerféieren.


An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës dréngend Froe stellen:

- 1) Wéi steet d'Regierung am Detail zu deenen eenzele Mësstänn, déi an deem uewe genannten Artikel opgezielt ginn?
- 2) Wéi eng eenzel Geneemegunge si säit 2019 vun der genannter Firma, bei wéi engem Ministère ugefrot ginn a wéi si se jee weils beäntwert ginn? Wéi een Zäitraum gesäit d'Regierung fir, fir der Chamber déi entspreichend Dokumenter zoukommen ze loossen?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng ënnerschiddlech Kontrolle säit 2019 bei der genannter Firma duerchgefouert a wéi eng eventuell Mësstänn festgestallt goufen? Wéi een Zäitraum gesäit d'Regierung fir, fir der Chamber d'Asazuerderen an d'Rapporte vun deenen eenzele Kontrollen zoukommen ze loossen?
- 4) Wéi steet d'Regierung am Sënn vun deenen zwou Froe virun zum spezielle Virwurf vum Interessekonflikt, datt en öffentleche Syndicat als neie Proprietär kéint

optrieden, wann d'Firma duerch feelend Geneemegungen an aner staatlech Moosname géif Faillite maachen?

- 5) Wéi steet d'Regierung zu dem Virwurf, dass eise Landwirtschaftleche Secteur an der aktueller Krisensituatioun, déi och duerch e Mangel un Düngerimporter gepräägt ass, opgrond vun engem politeschen Interessekonflikt 300 Tonnen Dünger aus nationaler Produktioun virenthale ginn?
- 6) Wéi steet d'Regierung zu dem Virwurf, dass eng privat Firma déi all Dag 3300 kWh Strom a 27 000 kWh thermesch Energie kéint produzieren, opgrond vun engem politeschen Interessekonflikt an der aktueller Energiekris um Betrieb gehënnert gëtt an dat obwuel dës Firma an der Vergaangenheet och mat öffentleche Gelder ënnerstëtzt gouf, fir hir Innovatiounen ze realisieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun den fir Wirtschaft, Energie, Ëmwelt, Gesondheet an Landwirtschaft zoustännege Ministeren op d'parlamentaresch Fro n°6053 vum 8. Abrëll vum éirewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Abus de pouvoir envers une entreprise traitant la boue d'épuration"

Preliminär Remarque:

Als éischt ass et wichteg dorop hinczewiesen, dass d'Decisioun vun der Ëmweltverwaltung de produzéierte Klärschlammkompost weiderhin als Offall ze gesinn, an engem Urteel vum Verwaltungsgericht vum 23. Mäerz 2022 (n°45032) confirméiert gouf.

D'Gericht huet kloer gemaach, dass bei der besotener Decisioun d'Dispositiounen vum Offallgesetz richteg applizéiert goufen. D'Géigepartie konnt d'Gericht mat kengem vun hiren Argumenter iwwerzeegen. Dëst wesentlech Element gëtt awer am Artikel net erwänt.

Wéi steet d'Regierung am Detail zu deenen eenzele Mësstänn, déi an deem uewe genannten Artikel opgezielt ginn?

Aus deem uewen genannten Artikel erginn sech fir d'Regierung keng "Mësstänn", wat d'Kompetenzen vun der Regierung ugeet.

Zum Artikel selwer ginn et awer e puer Saachen ze soen:

Et ass net ubruecht, vun "staatlechem Boykott", vun "bürokrateschem Hindernis" oder "Steine in den Weg gelegt" ze schwätzen: wéi all aner Firma och muss sech déi besoten Firma an déi Leit deenen si hiere Klärschlammkompost wëll liwweren un d'Gesetzer an d'Oplagen vun Geneemegungen halen.

Den Artikel ass insoufern net korrekt, als datt en net seet, datt d'Decisioun vun der Ëmweltverwaltung, datt den produzéierten Klärschlammkompost weiderhin als Offall ze gesinn ass (Detailer dozou fannen sech an der Äntwert op d'Fro 2), an éischter Instanz vum Verwaltungsgericht den 23. Mäerz 2022 (rôle n°45032) confirméiert gouf.

Och ass et net korrekt ze behaupten, datt d'Ëmweltverwaltung eng "nei an willkürlech" Interpretatioun vun de Gesetzestexter géing maachen. Wouer ass, datt am Kader vun Geneemegungsufroen Beweiser derfir verlaangt ginn, datt den produzéierten Klärschlammkompost bei senger Notzung weder der Ëmwelt nach der mënschlecher Gesondheet schued. Dës Beweiser konnte bis ewell net erbruecht ginn. Och dëst gouf am besotenen Urteel vum 23. Mäerz 2022 vum Verwaltungsgericht jugéiert. Et stëmmt och net, dass eng Pruf fir all Camionsladung muss geholl ginn, mee et muss eng Pruf vun all produzéierter Charge geholl ginn.

Wat d'Erwänung vum ANSES-Rapport ugeet: D'Conclusiounen vun der Etude vun ANSES bezéien sech op mat SARS-CoV-2 kontaminéierten frësch Klärschlamm an roden dësen, aus Grënn vun der Liewensmittelsecherheet an der Aarbechtssécherheet net ze notzen, soulaang net kloer ass, wéi den Impakt vun esou engem Klärschlamm kéint sinn. Parallel zu der Etüd vun ANSES, huet och d'WHO eng „Interim Guidance“ publizéiert, déi de Risiko vun enger Ustiechung mam SARS-CoV-2 Virus däitlech relativéiert a par Rapport zu dësem spezifische Virus keng Zousatzprecautiounen fir néideg hält. De



Klärschlamm, deen vun den Lëtzebuergeschen Kläranlagen aus an d'Landwirtschaft geet, mécht e klengen Undeel vum Gesamtklärschlammufall aus, an staamt zu engem groussen Deel aus Anlagen, wou deen Schlamm an engem Faultuerm behandelt gouf. An hirem Avis vum Mäerz 2020, schätzt ANSES den Ustiechungsrisiko duerch Klärschlamm generell als méiglech, allerdéngs awer nëmmen bei frëschem Klärschlamm. D'Ausbréngung vun Klärschlamm hei zu Lëtzebuerg ass net verbueden, sous condition datt een déi geltend Dispositiounen aus folgenden groussherzoglecher Reglementer anhält:

- Règlement grand-ducal du 23 décembre 2014 relatif aux boues d'épuration;
- Règlement grand-ducal modifié du 24 novembre 2000 concernant l'utilisation de fertilisants azotés dans l'agriculture (Nitratrèglement).

Zu den effektiven Mësstänn am concernéierte Betrib fënnt een Detailler an der Äntwert op d'Fro 3.

2. Wéi eng eenzel Geneemegunge si säit 2019 vun der genannter Firma, bei wéi engem Ministère ugefrot ginn a wéi si se jeeeweils beäntwert ginn? Wéi een Zäitraum gesäit d'Regierung fir, fir der Chamber déi entspreichend Dokumenter zoukommen ze loossen?

De Projet vun der Klärschlammkompostéierung ass 1999 ursprénglech geneemegt ginn. Am Laf vun den Joren ass en ëmmer erëm geännert ginn.

Ob Basis vum Kommodogesetz an dem Offallgesetz goufen säit 2019 folgend Geneemegungen vun der besotener Firma ugefrot:

- 1/19/0196 vum 14. Abrëll 2019: Ännerung vun der Offallvergasungsanlag.

Déi projezéiert Ännerungen vun der Anlag sinn vun der Verwaltung als wesentlech ugesi ginn an de Bedriewer ass den 28. Juli 2020 gebiede ginn eng nei Demande anzerechen.

- 1/19/0591 vum 4. Dezember 2019: Zouschëdden vun der bestoender offener Lagun, déi d'Uewerflächewaasser vum Site ophëlt.

D'Zouschëdden ass den 21. Mee 2021 vum fir Ëmwelt zoustännege Minister geneemegt ginn.

- 1/20/0158 vum 28. Abrëll 2020: Verlängerung vum Betrib vun der Offallvergasungsanlag (experimentell Anlag).

D'Verlängerung ass den 28. Juli 2020 vum fir Ëmwelt zoustännege Minister geneemegt ginn, si geet bis den 30. September 2022.

- 1/22/0143 vum 9. Mäerz 2022: Bedriewen vun der geneemegter Offallvergasungsanlag als Offallverbrennungsanlag.

Dat ass déi Demande zu där den 28. Juli 2020 opgefuerdert gi war. Den Dossier ass an der Bearbechtung.

Weiderhin huet déi besote Firma den 2. August 2019 bei der Ëmweltverwaltung ugefrot, fir deen vun hir produzierten Klärschlammkompost kënnen als Substrat fir Kulturen ze vermaarten, dëst op Basis vum



europäesche Reglement (UE) 2019/1009 établissant les règles relatives à la mise à disposition sur le marché des fertilisants UE, modifiant les règlements (CE) n°1069/2009 et (CE) n°1107/2009 et abrogeant le règlement (CE) no 2003/2003, an fir deen vun hir produzéierten Klärschlammkompost kënnen als Ersatzbrennstoff fir Verbrennungsanlagen ze notzen.

D'Ufro, dee Klärschlammkompost als Substrat kënnen anzesetzen gouf refuséiert, well de Klärschlammkompost d'Konditiounen vum genannte Reglement net erfëllt. Och deen zweeten Deel vun där Ufro gouf refuséiert, dëst well net déi néideg Dokumenter bäilouchen fir ze beweisen, dass de Klärschlammkompost d'Konditiounen aus dem Artikel 7 vum Offallgesetz (fin de statut de déchet) erfëllt.

Den 27. September 2019 gouf d'Ëmweltverwaltung matt enger méi detaillierter Ufro befaasst: et gouf doranner den "fin de statut de déchets" nom Artikel 7 vum Offallgesetz ugefrot, fir de Klärschlammkompost als Recyclingsubstrat oder Ersatzbrennstoff ze notzen. Dës Ufro gouf den 20. Abrëll 2020 refuséiert, well an der Ufro net kloer bewise ginn ass, datt de Recyclingsubstrat keng schiedlech Auswierkungen op d'Ëmwelt a Gesondheet hätt. Och fir d'Notzung als Ersatzbrennstoff hun déi Beweiser gefeelt. Den 19. Mee 2020 huet d'Firma Positioun zu dësem Refus bezunn, den 24. Juni 2020 gouf en vun der Ëmweltverwaltung bestätegt. Wéi schonn an der Äntwert op Fro 1 gesot, ass déi Decisioun vun der Ëmweltverwaltung an éischer Instanz vum Verwaltungsgeriicht den 23. Mäerz 2022 (rôle n°45032) confirméiert ginn.

Des Weideren war den 27. September 2019 ugefrot ginn, fir de Klärschlammkompost kënnen versuchsweis als Ersatzbrennstoff béi engem aneren Betrib anzesetzen. D'Firma gouf drop higewisen, dass et d'Anlag ass, déi den Ersatzbrennstoff wëll testen, déi dofir eng Geneemegung muss hunn.

Ob Basis vum Ëmweltinformatiounsgesetz vum 25 November 2005 kënnen all ugeschwaten Dokumenter bei der Ëmweltverwaltung ugefrot ginn.

3. Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng ënnerschiddlech Kontrolle säit 2019 bei der genannter Firma duerchgefouert a wéi eng eventuell Mësstänn festgestallt goufen? Wéi een Zäitraum gesäit d'Regierung fir, fir der Chamber d'Asazuerderen an d'Rapporte vun deenen eenzele Kontrollen zoukommen ze loossen?

Am Kader vum Kommodogesetz an dem Offallgesetz huet d'Ëmweltverwaltung Kontrollen duerchgefouert. D'Kontrolle gi vun den zoustännegen Autoritéiten, je no Situatioun, regelméisseg oder wann sech eng Situatioun ergëtt, déi sou eng Kontroll rechtfäerdeg, duerchgefouert.

D'Ëmweltverwaltung huet den 20. Januar 2021 eng Kontroll bei der besotener Firma um Fridhaff gemaach, nodeems festgestallt gi war, datt si hire Klärschlammkompost anere Firme ginn haten ouni sech un hier Geneemungsoplagen ze halen. Doropshin ass dem Bedriwer den 15. Februar 2021 ee Courier vun der Ëmweltverwaltung geschéckt ginn, an deem schrëftlech festgehale ginn ass, wat bei der Kontroll beanstand gouf a wou hien och matgedeelt krut, wat ze maache wier.

Nieft der Tatsaach, datt vill méi Material an Klärschlammkompost um Site louch wéi geneemegt ass, ass och festgestallt - a vum Bedriwer confirméiert - ginn, datt um Site geneemegungspflichteg Aktivitéite géinge gemaach ginn, ouni geneemegt ze sinn. Och ass de Bedriwer an deem Courier opgefuerdert ginn, sech un all seng Geneemungsoplagen ze halen (wat bei der Kontroll net de Fall war). Donieft sinn an



deem Courrier och nach Informatiounen, déi gefeelt hunn an scho nogefrot gi waren, ob e Neits agefuerdert ginn. De Bedriwer gouf och informéiert, dass eng Demande fir eng Geneemegung misst bei der Ëmweltverwaltung era gereecht ginn fir de Fall datt hien déi net geneemegt Aktivitéite wéilt weiderféieren.

De 9. Juni 2021 war eng weider Kontroll, well verschidde Punkten aus dem éischte Bréif net richteg oder guer net beäntwert gi waren. Dobäi gouf festgestallt, datt d'Situatioun sech an der Tëschenzäit net verbessert hat.

Doropshin ass den 20. Juli 2021 ee Bréif vum fir d'Ëmwelt zoustännege Minister un de Bedriwer gaangen, an deem hien opgefuerdert gouf, sech bis spéitstens den 31. Mee 2022 u sämtlech Bedingunge vun der Geneemegung ze halen, anerefalls de Betrib, no enger „mise en demeure“, géif suspendéiert ginn. An dësem Courrier ass de Bedriwer och drop higewise ginn, datt hien nach just souvill neie Klärschlamm an aner Offäll däerf unhuelen, wéi séchergestallt ass, datt d'Kapazitéiten déi laut Geneemegung erlaabt sinn agehale ginn.

4. Wéi steet d'Regierung am Sënn vun deenen zwou Froe virdrun zum spezielle Virwurf vum Interessekonflikt, datt en ëffentleche Syndikat als neie Proprietär kéint optrieden, wann d'Firma duerch feelend Geneemegungen an aner staatlech Moosname géif Faillite maachen?

D'Regierung huet keng Handhab op Kontrakter tëscht enger privater Firma an engem Gemeng-Syndikat.

De Syndikat ass haut scho Propriétaire vum Terrain a vun enger Rei Infrastrukturen op deem Site op deem d'Firma seng Aktivitéiten huet. Am Fall vun enger Faillite kënt et zu enger Liquidatioun no gesetzleche Reegelen a Prozeduren.

5. Wéi steet d'Regierung zu dem Virwurf, datt eisem landwirtschaftleche Secteur an der aktueller Krisesituatioun, déi och duerch e Mangel un Düngerimporter gepräagt ass, opgrond vun engem politeschen Interessekonflikt 300 Tonnen Dünger aus nationaler Produktioun virenthale ginn?

D'Regierung gesäit hei keen "politeschen Interessekonflikt". Den Asaz vu Klärschlamm als organeschen Dünger an der Landwirtschaft ass zu Lëtzebuerg duerch en spezifescht Reglement vum 14. Abrëll 1990 geregelt, wat duerch ee Reglement vum 23. Dezember 2014 modifizéiert gouf. Den Asaz vu Klärschlamm ass ënnert bestëmmten Oplagen, wéi beispillsweis eng Beprouwung vun den Ausbréngungsflächen op verschidde Schwéiermetaller hinn oder eng Begrenzung vun der Quantitéit op 3 Tonnen Trockensubstanz pro ha méiglech, dëst mam Ziel fir eng Uräicherung vu Schwéiermetaller an de Biedem ze verhënneren.

Weider Beschränkunge betreffe beispillsweis den Delai virun der Recolte respektiv der Beweedung fir d'Véi, esou datt sanitär Risiken ausgeschloss kënne ginn. Et spillt am Kader vun där Gesetzgebung keng Roll, ob de Klärschlamm eleng ausbruecht gëtt oder beispillsweis mat Kompost vermëscht gëtt. Déi erwäante Quantitéit u Klärschlammkompost vun där Firma kann also duerchaus als Dünger an der Landwirtschaft verwäert ginn.

6. Wéi steet d'Regierung zu dem Virwurf, datt eng privat Firma déi all Dag 3300 kWh Stroum a 27 000 kWh thermesch Energie kéint produzéieren, opgrond vun engem politeschen Interessekonflikt an der



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

aktueller Energiekris um Betrib gehënnert gëtt an dat obwuel dës Firma an der Vergaangenheet och mat öffentleche Gelder ënnerstëtzt gouf, fir hir Innovatiounen ze realiséieren?

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5225 vum 15. November 2021 vum éirewäerten Deputéierten Claude Haagen gesot, ass d'Anlag à la base eng Versuchs-anlag. Dofir huet si och bis ewell nach keng definitiv Geneemegung kritt gehat.

Et ass net ewéi vum honorablen Deputéierten avancéiert wéinst engem "politeschen Interessekonflikt", datt de Klärschlammkompost an de Klärschlamm aktuell net kënnen dofir agesat ginn. Och gouf den Betrib net "gehënnert" dëst ze maachen, well eng Vergasung an Verwäertung vum Gas ass geneemegt.

Aner Betriber, déi déi néideg Geneemegungen hunn, kënnen déi Saachen och zur Produktioun vun Strom an thermescher Energie asetzen.

Fir déi geplangte Produktioun vun erneierbarem Strom an Hëtzt ass och ee speziellen Aspeisetarif vun der Säit vum Energieminister virgesinn.

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2022

(s.) Joëlle Welfring

Ministesche fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung